Procès-verbal des votes

du Conseil Communal de Sanem

de la séance publique

du lundi, 18 septembre 2017

date de l'annonce publique:	11 septembre 2017
date de la convocation des conseillers:	11 septembre 2017
début:	14h15
fin:	16h42

Présents:

M. Engel Georges, président,
Mme Arendt Patrizia, Mme Asselborn-Bintz Simone, M. Bronzetti Denis, Mme Cecchetti Myriam, M. Cornély Alain, Mme Faber-Huberty Chantal, M. Goelhausen Marco, M. Lorang Mike, Mme Morgenthaler Nathalie, M. Piscitelli José, Mme Reuter-Bauler Carine, M. Schlesser Jean-Pierre, Mme Speck-Braun Patricia, Mme Tornambé-Duchamp Nadine,
Mme Greven Manon, secrétaire communal

Absent(s) excusé(s) : /

Premier votant : M. Cornély Alain

Madame Cecchetti Myriam n'a pas pris part au vote du point 11 et 12 a)

Ordre du jour:

1. Correspondance et Informations

   a) Informations sur le projet Knauf Insulation

PERSONNEL - ADMINISTRATION

2. Approbation de l'accord salarial en vue du renouvellement de la convention collective des salariés des communes du Sud signé en date du 6 septembre 2017 pour une durée de validité du 1er janvier 2018 au 31 décembre 2018

Vote(s) positif(s): 14	Abstention(s) : 1
Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Cecchetti Myriam, Cornély Alain, Engel Georges, Faber-Huberty Chantal, Goelhausen Marco, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Piscitelli José, Reuter-Bauler Carine, Schlesser Jean-Pierre, Speck-Braun Patricia, Tornambé-Duchamp Nadine	Arendt Patrizia

3. Approbation de l'accord salarial en vue du renouvellement de la convention collective pour le secteur d'aide et de soins et du secteur social (SAS) signée en date du 22 août 2017 pour une durée de validité du 1er octobre 2017 au 31 décembre 2019

Vote unanime

4. Détermination du grade de carrière des agents des carrières reclassés du groupe de traitement A2

Vote unanime

5. Détermination du grade de carrière des employés communaux des carrières reclassés du groupe de traitement A2

Vote unanime

6. Détermination du grade de carrière des agents des carrières reclassés du groupe de traitement B1

Vote unanime

7. Détermination du grade de carrière d'une infirmière diplômée, carrière reclassée du groupe de traitement B1

Vote unanime

8. Création d'un poste de chef d'équipe (m/f) à plein temps pour les besoins du service cuisine/ transport des repas de la Maison Relais SANEM, sous le champ d'application de la CCT des ouvriers des communes du Sud

Vote unanime

DIVERS

9. Approbation d'une convention sociale entre Cultur'all, l'office social de Sanem et la commune de Sanem

Vote unanime

10. Approbation de la convention culturelle entre Cultur'all asbl et l'institution culturelle "Artikuss"

Vote unanime

11. Approbation de la déclaration d'intention « Stratégie culturelle à long terme pour la Région Sud» de PRO-SUD

Vote unanime

12. Questions et divers

a) Diverses modifications budgétaires

Article budgétaire	**Libellé**	**Crédit initial 2017**	**Modification proposée**	**Crédit après modification**
3/910/616000/99002	Enseignement fondamental – Transport scolaire - PEDIBUS	0	**50.000,00 €**	50.000,00 €

Vote unanime

b) Questions de la part de Mme Patrizia Arendt

déi Lénk
GEMENG SUESSEM

13. September 2017

Froe zum eventuellen Bau vun engem neie Musekssall fir déi Zolwer Musek

Während enger ëffentlecher Présentatioun vun engem rénuméréierten Architekte Concours fir eng nei Maison Relais zu Zolwer bei der Ecole 2000 ass och schon als 2. Deel vun dem Concours en Projet fir e neien Übungssall fir déi Zolwer Musek mat commandéiert ginn. Bei der selwechter Présentatioun sinn an engem Niewesaatz Bemierkungen iwwert den Ausbau vun der Place de l'Indépendance ugedéit ginn.

Mir wollten froen op et do schon genee Pläng gett a wa jo virwat de Gemengerot net doriwwer informéiert ass?

Fro zur Informationsversammlung iwwert de Projet vum amménagement vun engem Parking Eck rue Dick-Lentz, rue de France zu Bieles.

Kennt dir eis soen wéivill BiergeerInnen e Protestbréif am Kader vun der Prozedur un d'Gemeng agereecht hun a wat bei der Versammlung vum 14. September erauskomm ass?

Mat beschte Gréiss,
Patrizia Arendt,
déi Lénk

c) Questions de la part de M. Jos Piscitelli

Bieles, den 13. September 2017

Un de Schäfferot vun der Gemeng Suessem

Gemäss dem ëmgeännerte Gemengegesetz vum 13.12.1988 an dem internen Uerdnungsreglement fir de Gemengerot, riichten ech fir déi nächst **Gemengerots-Sëtzung (vum 18.09.2017)** folgend **Froen un de Schäfferot:**

1) Mutmaasslech politesch Alleingäng, ouni Ofsprooch mat der Partei (der Lsap) ?!, an de Beräicher „Office Social" an „Eis Epicerie",.

Säit dem neie Gesetz vun 2009 iwwert d'Aide social sinn d'Office sociaux'en zu onofhängegen, a virun allem zu parteipolitesch onofhängegen „Etablissements publiques communaux" ginn, wat ee vun den Objet'e vum Gesetz war a firwat dann och keen aus dem Schäfferot am Conseil d'administration dierf sinn a wou d'Memberen a notamment de President déi alenglesch moralesch, sozial a juristesch Kompetenz a Verantwortung hunn.

Esou ass et och mat der Asbl EcoSol Sanem an der Coopérative EpiSol Sanem vun der Epicerie, wou d'Conseil d'Adminsitration'en, déi alenglesch moralesch, sozial a juristesch Kompetenz a Verantwortung hunn.

Esou verstinn ech dann och net, déi, nieft aneren diskreditéieren Uschëllegungen, déi diffamatoresch a calomniéis Undeitungen, an engem ëffentleche Communiqué (vum 7/8 Juli 2017 iwwer RTL & d'Dageszeitungen) vun der Lsap Suessem, wou gesot gëtt, dass d'Lsap sech genéidegt gesäit fir op eng Korrektur ?! vun der Funktiounsweis anzewierken:

*In der Tat kam es in letzter Zeit immer wieder zu **politischen Alleingängen von Jos Piscitelli, ohne Absprache mit der Partei**, vor allem in den **Bereichen des „Office social" und von „Eis Epicerie"**. (...)*
*„Eis Epicerie" ist ein soziales Projekt, hinter dem die LSAP auch weiterhin steht, sich aber genötigt sieht auf eine Korrektur deren Funktionsweise einwirken zu müssen. Die Epicerie wurde in den beiden vergangenen Jahren von der Gemeinde mit fast **1 Million €** finanziert.*

A wéi wäit ënnerstëtzt (haaptsächlech de majoritären Lsap) Schäfferot:
- esou eng parteipolitesch Améschung vun enger (senger) Partei a politesch neutral an onofhängeg Gesellschaften
- an esou Attacke géint Mandatsdréier an esou Gremien,
mat deenen d'Gemeng konventionéiert ass ?

resp. wat gesäit de Schefferot vir,
- fir do dergéint ze wierken ?
- a seng Mandatsdréier dodergéint ze schützen ?

2) 1 Millioun Euro woumatter d'Gemeng Eis Epicerie finanzéiert soll hunn.

De Buergermeeschter (a seng Partei) gëtt net midd vun 1 Millioun Euro ze schwätzen, mat déier d'Gemeng d'Epicerie finanzéiert hätt. Esou wäit ech weess, huet de Gemengerot ronn 670.000 Euro fir den Ëmbau, d'Equipement asw... als VIR-Finanzement gestëmmt, dat an de Bicher vun der Asbl (an der Coop) als remboursabele Prêt gefuert gëtt - Wat iwwregens unique an der Veräinslandschaft an eiser Gemeng ass, well aner Veräiner den Invest dee se vun der Gemeng fir hir Aktivitéit kréien net brauchen ze rembourséieren – Oder bezillt Zolwer Musek och hire Musekssall zeréck an dir décidéiert wien den Dirigent gëtt a wat fir eng Stécker gespillt ginn (esou wéi der dat bei der Epicerie wëllt maachen!).

Sollt de Schäfferot elo och als d'Gemengeninvest déi Frais'e mat agerechent hunn,
- déi iwwert den Office social (vun de Sue vun den Œuvre de Secours GD Charlotte fir esou Projet'e) gelaf sinn,
- an d'Zomm mat deenen den Office social Liewensmëttel, zum Selbstkostenpreis, fir seng Beneficiaire bei der Epicerie keeft (déi dann och nach zur ½ vum Ministere de la Famille rembourséiert ginn),
- oder nach aner Prestatiounen & Wuere wou d'Gemeng bei der Epicerie akeeft
als Finanzement ugesäit, da wier dat e staarkt Stéck, resp. eng « fakenews » fir deen Terme aus der Lsap Brochure ze gebrauchen.

Wat bezweck der domadder fir dës zesumme gekraazten Zomm andauernd an d'»Spill » ze bréngen, wat fir Onversteesdemech beim Bierger suergt an e falscht Bild vun der sozial ekonomescher Autonomie vun der Epicerie a vun der Ecomomie sociale et solidaire am grousse ganze suergt an dem Projet vun der Epicerie sécher keen Déngscht erweist? Där maacht dat jo och net bei aner Projet'en (siehe CIGL) an Associatiounen.

3) Rémuneréierten Architekte Concours (45.000 Euro) mat Gewënner fir eng nei Maison Relais mat engem neie Musekssall zu Zolwer bei der Schoul 2000, deen de Schäfferot an engem Alleingang an Optrag ginn huet,
- ouni de Gemengerot am Geréngsten dovunner a Kenntnis gesat ze hunn,
- resp. ouni iwwert seng Intentioun en neie Musekssall ze bauen
- an iwwer, dat wat da mat deem ale Musekssall
- a mam Gebai, an notamment mat der Epicerie, déi jo och do dran ass, soll geschéien,
ze diskutéieren.

Och wann de Schäfferot d'Initiativrecht huet, esou ass et alles wéi keng participativ Politik, wann een emol säin eegene Gemengerot net an esou Iddi'en / Projet'en aweit an eng Prinzipien Diskussioun doriwwer féiert, éier een ouni Mandat 45.000 Euro an en Architekte Concours lancéiert, an da bei der öffentlecher Virstellung vum Gewënner?! monéiert, dass dat elo awer net den End-Gewënner wier, an dass een dat awer emol nach misst kukken...

Weider hutt der bei der Virstellung vun de Projet'en, d'Gebai wou deen ale Musekssall an d'Epicerie dra sinn, am Zesummenhang mat néideg gebrauchtem Wunnengsbau ernimmt, esou dass ech unhuelen, dass der d'Gebai wëllt ofrappen - trotz « ärer Millioun », déi der an d'Epicerie « investéiert » hutt, oder wat sinn är Absichten ?

Vu wat vir engem Budget hutt der déi 45.000 Euro geholl ?
a wat, resp. wat fir ee Punkt vum Schäfferotsprogramm, hutt der als Mandat / Optrag vum Gemengerot geholl fir am Alleingang esou e Concours / Projet ze lancéieren ?

Merci am Viraus fir Är geschätzten Ënfert.
Mat beschte Gréiss,
Jos Piscitelli
Gemengerot

d) Questions de la part de Mme Patricia Speck-Braun

Froen un de Schäfferot vun der Gemeng Suessem

Leschten Donneschdeg de 14. September waren d'Bierger aus der rue de la Gare, der rue G.D. Charlotte an der rue Dicks-Lentz zu Bieles fir 19.00 Auer op eng Info Versammlung an de Festsall vun der Gemeng agelueden ginn.
Den Architektebüro Schroeder et Associés huet bei engem gerammelt volle Sall de Projet "Shared Space", dee jo bekanntlech am Quartier vun der Bieleser Kierch entstoe soll, virgestallt.

Wisou de Schäfferot d'Leit versicht ze iwerzeegen, dass dësen Deel vu Bieles tëschent uewen genannte Stroossen den Zentrum vun der Stad soll sinn, ass de Vertrieder vun der lokaler DP allerdéngs méi wei schleierhaft.

Leedeglech ee Restaurant an ee Café zieren deen zukënftegen sougenannten "Centre-Ville". Dofir ee gudde Rot: wann een Projet 'en aus Lokalitéiten wei z.B. Bartreng noäifere wëll, da muss een awer och iwwert gëeegent Infrastrukturen verfügen, déi där ganzer Saach e Sënn ginn.
Dëser Meenung waren och vill vun deene konvoqueierte Bierger aus deenen uewe genannte Stroossen, haaptsächlech déi aus der ieweschter rue de la Gare (vum Café "Time" un bis zur rue Dickskopp). Si waren zudéifst enttäuscht, haten se dach wierklech geduecht, hir al knubbeleg Beläg a kromm Trottoiren géifen endlech gefleckt ginn.

De Fait, dass doriwwer ewech d'Place Pierre Greisch, Eck rue de France/rue Dicks-Lentz, mat hirer klenger Gréngfläch engem Auto Parking weeche soll, konnt déi vun Co^2 Auspuff Gasen elo schonns am Iwermooss geploten Awunner trotz hiren agereechten Doléancen nët zefridde stellen.

Dofir huet e groussen Deel vun den agelueden Bierger och no der Presentatioun de Festsall enttäuscht verlooss. De Buergermeeschter huet laut Aussoen vu verschiddenen Bierger gemengt, um Projet "Shared Space" kënnt och deen nächst gewielten Gemengerot näischt méi änneren. Wisou eigentlech nët?

Firwat gouf de Gemengerot nët zu dëser Info Versammlung agelueden? An eisen Aen ass dat onfair a mär ginn d'Gefill nët lass, dass dir mat dëser Reunioun just an eegener Saach Wal Propaganda maachen wollt.

Mat frëndleche Gréiss
Patricia SPECK-BRAUN

SEANCE A HUIS CLOS

PERSONNEL – SERVICES DE REGIE

13. Promotion d'un technicien diplômé du grade 9 au grade 12 à partir du 1ier septembre 2017

Promotion accordée à Madame Sabrina Cherchi

14. Promotion d'un ingénieur chef de division du grade 15 au grade 16 à partir du 1ier septembre 2017

Promotion accordée à Monsieur Fernand Heischbourg

PERSONNEL – ADMINISTRATION

15. Démission honorable d'un employé communal, à partir du 3 février 2018

Démission accordée à Madame Marie-Thérèse Cherchi-Cipriani

16. Promotion d'un rédacteur du grade 9 au grade 11 à partir du 1ier septembre 2017

Promotion accordée à Monsieur Serge Blasen

17. Promotion d'un inspecteur principal du grade 12 au grade 13 à partir du 1ier septembre

Promotion accordée à Monsieur Guy Ewen

18. Promotion d'un agent municipal, groupe de traitement D2, du grade 4 au grade 5, à partir du 1ier octobre 2017

Promotion accordée à Monsieur Jos Dicken

Arendt Patrizia	***Asselborn-Bintz Simone***	***Bronzetti Denis***
Cecchetti Myriam	***Cornély Alain***	***Engel Georges***
Faber-Huberty Chantal	***Goelhausen Marco***	***Lorang Mike***
Morgenthaler Nathalie	***Piscitelli Jos***	***Reuter-Bauler Carine***
Schlesser Jean-Pierre	***Speck-Braun Patricia***	***Tornambé-Duchamp Nadine***